



N°7753  
Entrée le 13.03.2023  
Chambre des Députés  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 13.03.2023

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/03/2023

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.**

D'Artikelen 39 a 44 vum Code de la Route lëschten d'Kategorie vun Autoen op, déi mat spezielle sonore Anlagen a bloe Luuchten däerfen equipéiert ginn. Dorënner falen, ouni Iwwerraschung, d'Gefierer vun der groussherzoglecher Police. Wéi de Minister an der Äntwert op meng Fro n°1360 aus dem Joer 2019 schreift:

*"Wéini, an ënner wat fir Bedéngungen dës Luuchten awer elo agesat kënne ginn ass kloer am Code de la Route beschriwwen, an zwar an dën Artikelëh 2 an 139. Sou beseet d'Definitioun vum Service urgent (Art. 2, Punkt 5.10. vum Code de la Route), wéini d'blo Luuchten däerfen agesat ginn."*

Am Stroosseverkéier gesäit een heiansdo d'Autoe vum Gefaangenentransport mat bloe Luuchte fueren.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. A wéi enge Situatiounen ass de Chauffeur vum Gefaangenentransport an enger Urgence an dierf mat bloe Luuchten an der Sireen fueren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc  
Deputéierten

